N°41
Entrée le 28.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister Luc FRIEDEN a vum Här Inneminister Léon GLODEN op d'parlamentaresch Fro n° 41 vum 27. November 2023 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.**

**Ad 1)**

D'Bedreiwer vun de kriteschen Infrastrukturen identifizéieren, analyséieren an evaluéieren an hire Sécherheets- a Kontinuitéitspläng d'Risiken deenen hir Aktivitéit ausgesat sinn an, deementspriechend, d'Moossnamen déi geholl gi fir dem jeeweilege Risiko ze entgoen oder fir de Risiko ze reduzéieren. Dorënner fält och, datt si evaluéiere wou si vulnerabel sinn a wéi ofhängeg hir kritesch Infrastruktur vu verschiddene Ressourcen, wéi zum Beispill dem Personal oder der mobiller Telekommunikatioun, ass.

Fir de Fall vun engem gréisseren Netzausfall bei engem nationalen Handy-Ubidder hunn d'Bedreiwer vun de kriteschen Infrastrukturen ënnerschiddlech Moossname geholl. Dës Moossname variéiere ganz staark mat der Ofhängegkeet vun der kritescher Infrastruktur par rapport zu der Disponibilitéit vun hirem Personal, respektiv par rapport zu der mobiler Telekommunikatioun. Verschidde Moossnamen, déi Bedreiwer vu kriteschen Infrastrukture geholl hunn a bei engem Netzausfall gräifen, begräifen zum Beispill:

- d'Personal gëtt iwwert d'Festnetz kontaktéiert;
- de mobile Reseau vun engem aneren nationalen Operateur gëtt benotzt;
- d'Personal krut zwou SIM-Kaarte vu verschiddenen Operateuren ausgedeelt;
- d'Personal krut eng zousätzlech SIM-Kaart vun engem belschen an/oder franséischen Operateur ausgedeelt;
- de Bedreiwer gebraucht en eegenen Telekommunikatiounsreseau, am Alldag oder am Fall vum Netzausfall;
- verschidde Collaboratiounsplattforme (zum Beispill Microsoft Teams, Webex) gi gebraucht;
- d'hausintern Kommunikatioun geet iwwer d'DECT-Telefonie (digital enhanced cordless telecommunications);

- Pläng a Prozedure sinn do fir determinéiert Personal automatesch oder manuell zeréckzeruffen, mat oder ouni Bereetschaftsdéngscht;
- d'Déngschtpläng gi wochelaang am Viraus opgestallt.

D'Personal vun der Police a vum CGDIS bleift iwwer Funk erreechbar.

**Ad 2)**

Den Haaptkommunikatiounswee vum CGDIS a vun der Police ass de Funk, dee 24/7 genotzt gëtt. Am Fall vun engem Netzausfall vun den Handy-Ubidder, ass den Impakt op de CGDIS an op d'Police dofir ganz limitéiert. All Servicer vum CGDIS a vun der Police kënnen och nach op weider alternativ Méiglechkeeten zeréckgräife wéi Festnetz (Videokonferenz, Telefon, E-Mail) oder sech wann néideg nei organiséieren.

Lëtzebuerg, de 28. Dezember 2023.

De Premierminister,

(s.) Luc Frieden